



Ech ginn déi Recommandatioun, déi Der ge-  
maach hutt, fir och den Informationsbüro vun der  
Armée respektiv déi Initiative vun de  
Chambres professionnelles matzeassociéieren,  
och an de Fonctionnement vun der Maison de  
l'orientation, ganz gäre weider. Mir selwer wa-  
ren och Projeten am Ausland emol kucken,  
wou genau esou eng Präsenz, wann et och  
nëmme sporadesch ass, op feste Rendez-  
vousen, op feste Plagen an der Woch oder am  
Mount, wou dat absolutt virstellbar ass. Ech  
denken awer, datt dat muss lokal an der Mai-  
son de l'orientation diskutéiert an decidéiert  
ginn an datt dat net onbedéngt eng Saach ass,  
déi mer an d'Gesetz sollte schreiwen.

An ech mengen, datt déi Fro iwwert déi regio-  
nal Antennen, wou et dann e Schëld zu  
Dikrech op engem Gebai gëtt, vum Dikrecher  
Buergermeeschter komplett beäntwert ginn  
ass, soudatt ech dorobber net méi brauch  
zréckzekommen.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* -  
Merci.

**(Interruption)**

Et deet mer leed, mä eist Reglement seet: net  
méi wéi zweemol an enger Debatt intervenéieren.  
Wann et eng ganz kuerz Fro ass, ginn ech  
lech ganz gär d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Et ass  
keng nei Fro, Här President. Et waren nach  
zwou Froen, déi ech elo just opgezielt hat, wou  
den Här Minister net drop agaangen ass, no-  
tamment wéinst den Avancé fir déi sozial  
schwaach Familljen, wa se e Subsid kréie mam  
Schouljoer oder d'Demande eréischt maache  
mam Schouljoer, ob se do kéinten eng Avance  
kréien, wann do eventuell finanziell Enkpäss  
kéimen. Dat war awer eng wichteg Fro,  
mengen ech, am Sënn vun de Leit.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Här  
Minister!

► **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation  
nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Ech  
wäert déi Suerg do weiderdroen un déi zou-  
stänneg Servicer bei mengem Ministère.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* -  
Merci. Mir géifen dann zur Ofstëmmung  
iwwert de Projet de loi 6787 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6787 et  
dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt  
déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratioun-  
nen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6787 ass mat 57 Jo-Stëmmen,  
bei 3 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete  
Vott unzefroen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet de loi iwwer-  
goen: d'Zesummeleeë vum Service Action lo-  
cale pour jeunes an dem Service national de la  
jeunesse. An d'Wuert huet elo de Rapporteur,  
den honorabelen Här Claude Lamberty. Här  
Lamberty, wann ech gelift!

## 4. 7079 - Projet de loi portant modification

**1. de la loi modifiée du 4 septembre  
1990 portant réforme de l'ensei-  
gnement secondaire technique et de  
la formation professionnelle con-  
tinue;**

**2. de la loi du 13 juillet 2006 portant  
réorganisation du centre de psycho-  
logie et d'orientation scolaires  
(CPOS);**

**3. de la loi du 16 mars 2007 portant  
1. organisation des cours de forma-  
tion professionnelle au Centre natio-  
nal de formation professionnelle  
continue 2. création d'une aide à la  
formation, d'une prime de forma-  
tion et d'une indemnité de forma-  
tion;**

**4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008  
sur la jeunesse;**

**5. de la loi modifiée du 19 décembre  
2008 portant réforme de la forma-  
tion professionnelle;**

**6. de la loi modifiée du 12 mai 2009  
portant création d'une École de la  
2<sup>e</sup> Chance;**

**7. de la loi du 18 mars 2013 relative  
aux traitements de données à carac-  
tère personnel concernant les élèves;**

**8. du Code de la Sécurité sociale**

**Rapport de la Commission de l'Éducation  
nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur.* -  
Här President, léif Kollegen a Kolleginnen,  
d'Zil vun dësem Projet de loi ass an engem  
einfache Saz ze resuméieren: Fir an Zukunft  
ee staarke Service ze hunn an een eenzegen  
Usprichpartner fir déi Jonk ze sinn, gëtt aus  
momentan zwee individuell agéierende Servi-  
cer just nach ee gemaach. Wat no enger ein-  
facher Fusioon kléngt, ass awer bäi Wäitem  
méi wéi dat.

**(M. Henri Kox prend la présidence.)**

Zur Erklärung. Momentan gëtt et zwee Servi-  
cer: den SNJ, also de Service national de la je-  
unesse, an d'ALJ, d'Action locale pour jeunes.  
Béid Servicer hu per Gesetzgeber äänlech Mis-  
sionnen a schaffen och deelweis haut schonn  
op regionalem an nationalem Niveau ze-  
summen. D'Zil ass et elo, duerch en Zesumme-  
leeë vun den Aktivitéite vun ALJ an SNJ eng  
Struktur ze kréien, wou duerch den Know-how  
vu béide Säiten ee Service geschaaft gëtt, deem  
nach besser kann op d'Erausforderungen, déi  
sech fir eng ganz Rétsch Jonker hei am Land  
stellen, agoen.

Et gëtt also Synergie gesicht, fir deene Jonken  
am Endeffekt en nach méi staarke Partner kën-  
nen ze sinn a se beschtméiglech kënnen ze ën-  
nerstëtzen an ze encadréieren, do, wou Hëllef  
wierklech gebraucht gëtt.

A wéi engem Gesamtkontext ass dëst Zesum-  
meleeë vun de Kompetenze vu béide Servicer  
elo ze gesinn?

Ech erënneren hei op dëser Plaz drun, dass  
eent vun den erkläerten Ziler vun der Re-  
gierung ass, den Décrochage scolaire esou gutt  
wéi et geet ze verhënnere respektiv deene Jon-  
ken, déi d'Schoul ofgebrach hunn an déi net  
an enger Formatioun sinn, kënne Perspektiven  
ze bidden. Statt Hoffnungslosigkeit also Zu-  
kunftsvisiounen an eng Betreierung, fir dass grad  
déi jonk Leit an eiser Gesellschaft nees eng Zu-  
kunft hunn a si sech e Liewe kënnen opbauen.

Nieft der Präventioun spillt d'Wuert „Aktiva-  
tioun“ eng ganz wichteg Roll. Näscht ass méi  
schlëmm wéi keen Zil ze hunn, näscht ze ma-  
chen a keng Perspektiv ze hunn. Dofir ginn  
deene Jonken, déi am Fall sinn, Voluntariatsan-  
geboter gemaach, fir erëm aktiv kënnen ze  
ginn, fir Perspektive fir hiert eegent Liewen ze  
erkennen. D'Betreierung an de Kontakt zu deene  
Jonken ass natierlech immens wichteg. Déi  
Jonk sollen dofir esou encadréiert ginn, fir  
schoulesch Perspektiven ze erkennen, wa  
méiglech also en Ofschloss an enger Schoul ze  
kréien, an doriwwer eraus awer och, fir am pro-  
fessionelle Beräich Perspektiven um éischten  
Aarbechtsmarché ze gesinn.

Ech hunn am Ufank gesot, béid Servicer, also  
ALJ an SNJ, hätten äänlech Missionnen ze erfül-  
len. Béid Akteure betreiien deeselwechte Profil  
vu Jugendlechen a jonke Leit, näamlech déiji-  
neg, déi am vulnerabelste sinn. ALJ an SNJ hu  
bis dato och äänlech Strukturen, wat den  
Opbau ugeet, näamlech regional Antennen

ausserhalb vun de Schoulgebaier. Allerdéngs  
gëtt et Differenze bei der Offer vu béiden Ak-  
teuren.

D'ALJ mécht haaptsächlech eng individuell Be-  
treierung vun de Jonken am Sënn vun enger so-  
zioprofessioneller Insertioun. Den SNJ bitt Pro-  
grammer a praxisorientéiert Atelieren, fir déi  
Jonk dann och erëm ze aktivéieren.

Leet ee béid Servicer elo zesummen, bündelt  
een also d'Kompetenzen an esou d'Ressourcen  
an de mënschlechen Know-how vun ALJ an  
SNJ. Doduerch ergi sech eng ganz Rei vun  
Avantagen am Sënn vum Service, mä ganz be-  
sonnesch - ganz besonnesch! - am Sënn vun  
deene Jonken hei am Land.

Wat sinn elo déi Virdeeler vun dëser Ëmstrukturi-  
réierung?

Éischtens, e bessere Service fir dee Jonken. Hei  
spigelt sech d'Iddi vum Guichet unique erëm.  
Informatioun, Berodung a Begleedung vum  
Jonken zentraliséiere sech op enger eenzeger  
Plaz. All Informatiounen sinn also fir dee Jonken  
op enger Plaz ze kréien an ze fannen. Dat ass e  
groussen Advantage a féiert zu enger kompletter  
Offer, déi deem Betreffenen dann och zou-  
kënn.

Zweetens, d'Visibilitéit vum Service, déi gëtt  
erhéicht. Ee staarke Service, also een Usprich-  
partner huet och méi Visibilitéit a gëtt besser  
erkannt als Akteur fir dee Jonken, awer och  
insgesamt an eiser Gesellschaft.

Drëttens, e staarke Service, deem iwwerhëlt  
d'Roll als Structure de référence hei am Land.

Véiertens, d'Koordinatioun mat anere Servicer  
am Land soll sech duerch dëst Zesummeleeë  
vun ALJ an SNJ verbessern. An insgesamt soll  
esou all Aspekt vun der Garantie jeunes méi  
zum Droe kommen.

Fënneftens, d'Synergien, déi sech erginn am  
Sënn vu Personal, Büroen, Strukture sinn  
evident a sinn natierlech e weidere Virdeel,  
deen dës Ëmstrukturéierung dann och mat  
sech bréngt.

Wat geschitt elo konkret um Terrain?

D'ALJ, déi bis elo an der Formation profes-  
sionnelle integréiert war, gëtt lassgeléist vun der  
Formation professionnelle an integréiert an de  
Service national de la jeunesse. Duerch dëse  
Reguppement kënn et natierlech zu enger  
neier Opdeelung vun de verschiddene Mis-  
sionnen ënnerhalb vum neien SNJ.

D'Éducateurs gradués, déi bis dato alleguer  
wonnerbar Aarbecht am Sënn vun de Schüler  
gemaach hunn, sinn an Zukunft alleguer affek-  
téiert un de Service national de la jeunesse a  
wäerten zu der Späit gehéieren vum Soutien à la  
transition vers la vie active. Dës Divisioun, déi  
sech ëm d'Ennerstëtzung fir déi Jonk hin zu  
enger Aktivéierung vun deene Jonke bekëm-  
mert, wäert sech a regionale Büroen am Land  
verdeelten. Dëst sinn déi sougenannten An-  
tennes locales pour jeunes.

Engersäits informéiere si déi Jonk, bekëmmere  
sech ëm hir Froen an Ängscht, ginn déi néideg  
Informatiounen, déi se brauchen, a begleede si  
och ganz enk mat enger quasi 1:1-Betreierung,  
well all Jugendlechen, deen am Décrochage ass  
oder risquéiert dranzerrutschen, och ganz ënner-  
schiddlech Besoinen huet.

Anerersäits kréien déi Jonk vun dëser Divisioun  
och nach ganz konkret Mesurë proposéiert, fir  
déi Jonk ze aktivéieren. An et geet jo genee  
dorëms: deene Jonken, déi am Échec sinn, déi  
opgehal hunn, déi um Wee sinn, hir Zukunft ze  
verbauen, deenen nees nei Weeër ze weisen a  
konkret Alternativen ze proposéieren zu der  
Inaktivitéit, déi se grad duerchlieden. Déi Jonk  
sollen also gehollef kréien, eng Zukunft fir sech  
selwer ze gesinn.

De Beräich vu konkrete Mesurë proposéieren,  
also vun der Aktivéierung, ass ze vergläiche  
mat den aktuelle Missiounen vun de regionalen  
Antenne vum SNJ.

De Beräich Informatioun, Berodung an indivi-  
duell Begleedung dergéint ass identesch mat  
der Aarbecht, déi bis elo vun der ALJ gemaach  
gouf. Schouloffriebrecher respektiv potenziell Dé-  
crocheur-scolaire mussen fréizäitig identifizéiert  
ginn, fir hinne beschtméiglech kënnen ze hël-  
fen. A wa méiglech muss esou verhënnert ginn,  
dass et zum Öffbroch kënn.

Den SNJ wäert mat der neier Struktur mat hi-  
rem ganzen Asaz, mat hirer ganzer Manpower  
probéieren, déi Missioun ze erfüllen. Si wäerten  
als extern Akteuren d'Schoule begleeden an  
duerch individuell Gespräicher a Betreuungen e  
Vertrauensverhältnis zu deene Jonken opbauen,  
fir hinnen ze hëllef.

Dernieft hëllef si Jonken, déi ofgebrach hunn,  
duerch Reorientatioun, duerch Stagen a  
Schnuppercoursen eng Relatioun zur Aarbecht  
opzebauen an hinne Perspektiven um Aar-  
bechtsmarché ze weisen. Ronn 6% - dat muss  
ee wëssen - vun deene Jonken tëscht 15 a 24

Joer si ganz besonnesch gefäerdet a brauchen  
eng nach méi individuell Betreierung, wou och  
d'Zesummenaarbecht mat Jugendhaiser an  
Ateliere wichteg Piste sinn.

Regelméisseg Echangingen tëscht dem neien SNJ,  
den Direktiounen vun de Lycéeën, de Servicer  
un der Formation professionnelle, dem CPOS  
an der Formation des adultes sinn ugeduecht.  
Den Dialog ass, mengen ech, hei ee vun de  
Schlüsselen zum Erfolg.

Dir gesitt, et kléngt no enger klenger Fusioon,  
mä et ass méi wéi dat. Et geet ëm d'Zukunft  
vun deene Jugendlechen an do sinn déi bescht  
Strukturen, fir ze hëllef, grad emol gutt ge-  
nuch.

Mat dësem Gesetz a mat dem Gesetz iwwert  
d'Jeunesse huet den SNJ also an Zukunft dräi  
Piliere: Den SNJ huet, éischtens, eng Offer un  
educative Programmer, fir déi Jonk ze aktivéie-  
ren. Op Englesch géif een „empowerment and  
prevention“ soen. Zweetens, den SNJ huet  
d'Aufgab, de Jonken d'Transitioun an dat ak-  
tiivt Liewen ze erlichten. An drëttens, den  
SNJ ass de Centre de ressources fir déi non-for-  
mal Bildung hei am Land.

Ech mengen, fir weider Detailer verweisen ech  
op mäi schrëffleche Rapport. An zum Schluss  
wëll ech awer nach e puer Leit Merci soen, déi  
heirunner matgeschafft hunn, notament an der  
Kommissioun, och dem Joëlle Merges, der  
Sekretärin, an natierlech och de Leit aus dem  
Ministère, allem virun dem Här Metz.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord  
vu menger Fraktioun, vun der Demokratescher  
Partei. Ech soen lech Merci.

► **M. Henri Kox,** *Président de séance.* - Merci  
dem Rapporteur. An als éischt Riednerin ass  
d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch age-  
schriwwen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt  
d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV). -  
Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hä-  
ren, zanter 1984 gëtt et d'Action locale pour  
jeunes, kuerz ALJ genannt; bis dato ee ganz  
feste Bestanddeel vun der Formation profes-  
sionnelle, also dem Ministère de l'Éducation  
nationale.

Hir Aufgab huet doranner bestanen, zesumme  
mat de Schüler an enger Relation de confiance  
déi Transitioun Schoul a Beruffsliewen ze pre-  
paréieren, d'Schüler ouni Ofschloss opzefän-  
ken, se ze begleeden, se an eng Aarbechtsme-  
sure eranzekréien, Stagë fir si ze organiséieren  
oder och nach d'Décrocheuren nees an d'For-  
matioun ze integréieren. An dat alles an enger  
ganz enker Zesummenaarbecht mat de Ly-  
céeën an der Aarbechtswelt.

Dës ALJ soll elo mat dësem Gesetz vun der For-  
mation professionnelle lassgekoppelt an an den  
SNJ, also de Service national de la jeunesse,  
integréiert ginn. Den SNJ, deem seng Offer sech  
jo éischer op déi non-formal Bildung achséiert,  
gëtt vu villen als deen Akteur vum Fräizäit-  
beräich fir déi Jonk ugesinn.

D'Iddi, fir d'Ressources humaines zesummenze-  
leeën, ass nozevollzéien, mä, Här Minister, et  
hätt een et kënnen ëmgedréit maachen an de  
Service volontaire d'orientation, dee jo vum  
SNJ offéiert gëtt, bei der ALJ usidelen an do-  
madder dëse wichtige Piler vun der Éducation  
formelle do loossen, wou en am beschten  
hipasst, näamlech an d'Schoul.

Zanter méi wéi 30 Joer hu si bis elo gutt Aar-  
becht gelescht. Dat huet och gutt geklappt.  
Wéisou also elo eppes changéieren? Et ass  
deemno e Choix politique. D'Beweggrënn si fir  
eis net kloer.

Da geet am Gesetz rieds iwwert d'regional  
Büroen, déi mer och elo ALJ nennen, mä déi  
Kéier „Antennes locales pour jeunes“, an  
deenen hire Public cible d'„Décrocheurs identi-  
fiés par les lycées“ sinn. Op eis Nofro hin, no  
wéi enge Kritären e Lycée d'Schüler dann als  
Décrocheurs identifizéiert, krute mer versé-  
chert, dass de Ministère géif dru schaffen. A si  
hunn op déi nächst Edition vum der Etüd  
iwwert d'NEETs verwisen, also déi Jonk, déi  
„not in employment, education or training“  
sinn. Hei géife si sech Indicateuren erwaarden,  
fir déi jonk Décrocheuren ze identifizéieren.  
Abee, mir hunn elo just vun lech héieren, dass  
déi Etüd eréischt presentéiert gëtt. Dir kënn  
eis also haut och nach ëmmer net soen, wat dann  
déi Indicateuren do wäerte sinn.

Da geet, nieft den Décrocheurs identifiés par  
les lycées, och nach rieds iwwert d'Décrocheurs  
identifiés par le Ministère. Meng Fro un lech  
ass: Sinn dat anerer?





Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, ech si frou, dass de Minister awer bereet war, en Amendement an deem Sënn ze maachen, dass déi Echangé mat de Lycéee formell am Gesetzestext virgesi sinn. Et ass nämlech wesentlech, dass hei d'Aufgabe ganz kloer verdeelt sinn an den SNJ op senger To-do-Lëscht stoen huet, dass hie muss de Kontakt mat de Lycéee fleggen an den Echange mat de Schoulen, wat déi potenziell Schoulofbriecher ubelaangt, organiséieren. Et muss ganz kloer sinn, wien hei wéi eng Aufgab ze iwwerhuelen huet, fir eng ganzheetlech Approche a puncto Prise en charge ze garantéieren.

Wesentlech ass och den Aspekt vun der Protection des données. Am Moment ass et esou, dass d'ALJ iwwert d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013, wat den Traitement des données vun de Schijler ubelaangt, als Service vum Ministère de l'Éducation nationale Accès zu deenen Données huet. Aktuell ass et deeselwechte Minister, dee fir d'Jeunesse wéi fir d'Schoul responsabel ass. Wann dat awer nees eng Kéier sollt changéieren, dann hätt den SNJ keen Accès méi op déi Donnéeën. Duerfir huet nach misen esou e klengen Zousaz am Artikel 6 vum Gesetz iwwert den Traitement des données virgeholl ginn, fir eben dat ze evitéieren.

Dann hat de Conseil d'État och nach ze bedenke ginn, dass bis zum 24. Januar vun dësem Joer nach kee Reglement geholl gi wier, fir et ze erlaben, d'Donnéeën iwwerhaapt un déi verschidden Destinataires ze communiquéieren. Duerfir meng Fro un Iech, Här Minister: Ass dat Reglement méttlerweil geholl?

An dann zum Schluss wëllt ech just nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'ALJ, déi mir mat dësem Gesetz jo opléisen, e Service ass, dee wirklech gutt fonctionnéiert huet, wäertvoll Aarbecht mat deene jonke Leit geleescht huet, esou nom Motto „avant, pendant, après“ mat hinnen eng richtig Relation de confiance opgebaut huet, et hinnen awer och gelongen ass, ganz vill jonk Mënschen nees entweder an d'Schoul ze integréieren, hinnen eng Stage-Plaz ze vermëttelen, se op Virstellungsgesprécher ze preparéieren, den Trajet vun doheem bis bei de Patron ze organiséieren an zesumme mat deene Jonken ee fir si ganz neie Liewensprojet opzebauen. D'Zuelen, déi een am Rapport vun der ALJ kann noliesen, schwätze fir sech.

Ech wënsche mer, dass duerch dëse Switch, deen een, wéi ech am Ufank gesot hunn, och gradesou gutt hätt kënnen an déi aner Richtung maachen, de Schüler genesou professionell gehollef gëtt wéi bis elo.

Ech zweifelen net un dem SNJ senge Kompetenzen. Mir hunn dach awer Bedenken hisiichtlech deenen ëmmer méi villfältigen Aufgaben, déi si ze bewältege kréien. Ech erënneren drun, dass se zanter dem leschte Joer duerch d'Gesetz iwwert d'Qualitätsverbesserung an de Betreuungstrukture fir Kanner mat 20 Agenten derfir zoustänneg sinn, d'Qualitéitskontrollen an de Crèches a Maisons relais ze organiséieren an duerchzeféieren. Eng nei Aufgab fir den SNJ. An da solle se elo duerch dëst Gesetz och nach d'Aufgab vun der ALJ iwwerhuelen.

Do froe mir eis als CSV carrement, ob dat net awer e bëssen de Kader sprengt vun deem, fir wat si bis dato zoustänneg waren. Et gëtt nämlech e Sprachwuert, wat seet: «Qui trop embrasse mal étreint.» Ech hoffen net, dass dat zoutreff. Mä dat gesot, Här President, wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Merci, Madamm Françoise Hetto-Gaasch. An als nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton ageschriwwen. Madamm Tess Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll och ufänken, dem Rapporteur, dem Claude Lamberty, Merci ze soe fir säin ausféierleche Rapport.

Sozial Gerechtegkeet, fir déi d'LSAP konsequent steet a sech asetzt, kann nëmmen erreecht ginn, wann et eis geléngt, jiddwer Schüler déi beschtméiglech schoulesch oder professionell Formatioun ze garantéieren. Wie spéider Fouss faasse wëllt um Aarbechtsmarché, muss eng gutt Qualifikatioun hunn. Dat ass glécklecherweis de Fall bei deene meeschten. Allerdéngs, an em déi geet et virun allem bei dësem Gesetzesprojet, gëtt et nach ëmmer ze vill Jonker, déi souzesoen duerch d'Netz fallen.

Mir begrëssen dofir, dass dëse Projet de loi virun allem de sougenannten Décrocheurs scolaires hëllef soll, entweder guer net opzehale

mat der Schoul oder awer mat der Hëllef vum verstärkte Service SNJ, deen an Zukunft och d'Mataarbechter vun der ALJ regroupéiert, Formatiounen ugebueden ze kréien.

Här President, mir mengen, dass et richtig ass, e méi komplette Service ze schafen, dee mat all de Facette vun der Problematik befaasst ass an deen deemno souwuel zoustänneg ass, fir déi Betreffen ze informéieren, ze beroden an individuell ze begleeden, mä och nach zoustänneg ass, fir jonke konkret Aktivatiounsnoosmen ze proposéieren. Derbäi kënnt, dass mir deem Service iwwert dee Wee méi Visibilitéit schafen an derfir suergen, dass statistesch gekuckt jiddweree vun engem Service erfaasst gëtt, dee Problemer an der Schoul huet.

Mir begrëssen an deem Sënn och, dass d'Mission vum Service national de la jeunesse redefinéiert ginn a ganz kloer aus dem Kampf géint den Décrochage scolaire eng Prioritéit gemaach gëtt. Lëtzebuerg huet en Taux de décrochage, dee bei knapp 10% läit. An d'Regierung huet sech och an hirem Plan national de réforme engagéiert, fir deen Taux laangfristeg 10% ze halen, wat och den europäeschen Ziler an deem Beräich entsprécht.

Dee Service muss natierlech zesummeschaffe mat all den Akteuren an Administratiounen, déi fir déi Problematik responsabel sinn, sief dat de Ministère, d'Formation professionnelle oder de CPOS souwéi och d'Maison de l'orientation, iwwert déi elo grad rieds gaangen ass.

An dat gesot, Här President, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistischer Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Merci der Madamm Tess Burton. An den nächste Riedner ass den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Mam Projet de loi 7079 vun haut de Mëtteg integréiere mer d'Aktivitéite vun der ALJ, der Action locale pour jeunes, an den SNJ, an de Service national de la jeunesse.

A fir eis ass dat am Fong geholl och e bëssen eng Fortsetzung, datt et geet an där Linn, wou mer de Mëtteg geschwat hunn, datt mer eng Maison de l'orientation geschaf hunn, wou mer ganz vill Servicer zesummebréngen. An et ass mir och e bësse schleierhaft, wéisou ee fir eng Maison de l'orientation ass, awer géint eng Integratioun vun der ALJ an den SNJ, mä ech kréien duerfir awer de Kapp net wéi.

Mir schafen also d'ALJ of, wëssen awer, datt mer hir Aktivitéiten net ofschafen, mä méi visibel wëlle maachen. An déi noutwendeg Zesummenaarbecht mat deenen anere schouleschen a paraschouleschen Aktivitéite wëlle mer och verbessern.

Ech soen dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Rapport. An och deene Leit Merci, déi zënter der Schafung vun der ALJ 1984 fir dëse Service geschafft hunn an eng gutt Aarbecht geleescht hunn.

Ech ginn nach e bëssen op e klengen Historique an. D'Madamm Hetto hat dat och scho gemaach, duerfir brauch ech net méi alles ze soen, wat ech mer eigentlech virgeholl hat.

D'ALJ riicht sech haaptsächlech u Jonker vu 15 bis 25 Joer an hir Population cible ware virun allem déi Jonk, déi aus de sougenannte Modulairesklasse kommen an déi op der Sich no enger Léier waren. An d'ALJ huet sech och ëmmer besonnesch ëm déi Jonk gekëmmert, déi aus dem Schoulsystem erausgaange sinn, ouni en Ofschloss ze hunn. Et huet een alt gezielt kritt, och wann een um Terrain mat de Leit geschwat huet: „D'ALJ sinn déi Leit, déi och nach telefonéieren, wann op eemol ee Jonken net méi an der Schoul optaucht an net méi an der Statistik ass an net op enger Aarbechtsplaz ass.“ Dat, mengen ech, war eng ganz wichteg a gutt Aarbecht.

D'ALJ war éischter e klenge Service. Si haten zéng Bureaux régionaux, 15,75 Postes d'éducateurs gradués a 40 Enseignants, déi dechargéiert waren, insgesamt awer nëmmen 160 Stonnen, wat also pro Enseignant net ze vill war. An déi Enseignants, déi sinn aus dem Régime préparatoire komm.

Nei ass dann eben elo, datt dee méi klenge Service Bestanddeel vum SNJ gëtt. An den SNJ, dat ass - an dat ass och zu Recht, mengen ech, hei de Mëtteg bemierkt ginn - ee Service, dee sech immens méi grouss gemaach huet, dee méttlerweil - esou war et weinstens d'lescht Joer - 73 Fonctionnaires hat an 350 extern Mataarbechter. Also, do hu mer schonn e Service, dee wirklech grouss ass. An, ech mengen, dat ass och wichteg. Dee suert och fir eng Koordination op deem ganze Secteur.

Ech bréngen dann domadder och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi. A vläicht, ech hu mer nach d'Fro gestallt, déi

zéng Bureaux régionaux: Wéi gesäit et mat deenen aus? Behalen déi eng Identitéit? Sinn déi och nach detektabel als eegestänneg Servicer? Vlächtt kann de Minister mer dat nach zum Schluss soen.

Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Och hei Merci dem Här Claude Adam. An zum Schluss, als leschten ageschriwwene Riedner, den Här Fernand Kartheiser. Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, elo wor ech een Abléck erfieert. Do stoung nach „déi gréng“.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Ah sou!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, ech wollt just ganz kuerz och heirobber agoen. Fir eis ass déi éischt Fro, wann een dat Gesetz hei liest: Wéini mécht een e Gesetz? Firwat mécht een e Gesetz? Et mécht een e Gesetz, wann eng Noutwendegkeet do ass, wa wirklech eppes ka geännert ginn, eng grouss Verbesserung gemaach ginn. Et muss aliichten, datt esou eng Verbesserung néideg ass. A mat aller Dankbarkeet fir dem Här Claude Lamberty säin Exposé hei, deen en eis als Rapporteur gemaach huet, ass eigentlech déi Fro fir eis net beäntwert. Ass et wirklech néideg gewiescht, dëst Gesetz ze maachen? Bréngt et Verbesserungen?

Wann een dat Gesetz liest, da gesäit een esou vill Ausdréck wéi: Et wier eng „amélioration accrue“, „visibilité accrue“, „meilleure défense des jeunes en difficultés“, „coordination facilitée“, an da sicht een am Gesetz de Beweis derfir. An et fénnt een en néierens. Et ass e Gesetz, wat gemaach ginn ass aus engem Motiv, wat net kloer ass. Et gëtt hei vill behaupt, ugeduecht; villen ass hei gesot ginn als Motivatioun beim Service national de la jeunesse, mä de Beweis ass net erbruecht, firwat hei eppes muss geännert ginn, wat bis elo gutt fonctionnéiert huet.

An hei kënne mer eis och deem uschlëssen, wat d'Madamm Hetto gesot huet. D'Fro ass: Hätt een net nach sollen aner Servicer mat deenen zesummeleeën, déi bis elo gutt fonctionnéiert hunn am Kader vun enger Formation professionnelle, wat ebe fir e bestëmmte Public cible wirklech effikass wier?

Also d'Fro vun der Noutwendegkeet vun dëser Aktioun ass net beäntwert. A wann dann eng Aktioun hei geholl gëtt, stelle mer eis och Froen, ob et déi richtig wier.

Mir kréie gesot, et géif sech villen verbessern a gläichzäiteg gi mer rassuréiert, fir ze soen (veuillez lire: andeems gesot gëtt), um Terrain wäert sech awer net vill änneren. Ausser datt eben elo déi Bureau-régionallen zu enger Antenn ëmbenannt ginn. Mä kënnen déi Antenne wirklech nach vollwäerteg dat leeschten, wat déi Action locale pour jeunes bis elo wirklech och bruecht huet? Och dat ass net kloer. Wéi ass d'Kohärenz mat der Maison de l'orientation? Och do hu mer jo haut hei zwee Gesetzestexter, wou ee sech muss d'Fro stellen: Wéi spillen déi zesummen an nächster Zäit?

An och fir de Service national de la jeunesse ass dee Saz gebraucht ginn: «Qui trop embrasse mal étreint.» Ech mengen, dat ass ganz richtig formuléiert. De Service national de la jeunesse ass e relativ grouse Service. Ass e capabel, dat hei wirklech effikass ze integréieren, oder wier et net besser gewiescht, mat méi klengen Entitéite méi cibléiert ze schaffen?

Wann een dat Gesetz liest, gëtt et nach eng aner Remarque, déi ee muss maachen. Dat ass déi, datt dat Gesetz, wéi vill Texter aus der Educatioun a leschter Zäit ëmmer méi schwéier ze liese sinn. Et ass eng Sprooch, eng pädagogesch Metasprooch, déi do heiansdo benotzt gëtt, déi et fir en normale Mënsch - an ech ziele mech an der Hisiicht vun engem, deen d'Gesetzer liest, duerch aus deenen - ëmmer méi schwéier mécht, nozevollzéien, wat iwwerhaapt gemengt ass. An e Gesetz soll einfach sinn. Et soll licht verständlech sinn. Et soll lisibel sinn. Et soll evident sinn, wat drasteet. An an deene Gesetzer vun der Educatioun (veuillez lire: ass dat net ëmmer de Fall). Et ass vlächtt en Appell un Iech, Här Minister, fir eng Sprooch ze wien an der Redaktioun vun Ären Texter, déi deem Kritär vum einfache Verständnis vun engem Text besser entsprécht.

An dat wier besonnesch wichteg gewiescht an engem Volet, iwwert dee mer haut nach net geschwat hunn: Dat ass beim Centre de ressources, gëtt gesot (veuillez lire: wéi gesot gëtt), där Kontroll- a Berodungsfunktioun vum Service national de la jeunesse an der non-formeller Educatioun, wou dann esou wichteg Froen ze beschwätze si wéi d'Maisons relais zum Beispill. Wéi soll sech dee Centre de ressources do abréngen? Wéi eng Kontroll-, wéi eng Berodungsfunktioun sollen do erfëllt ginn? Mat wéi enge Leit? Alles dat gëtt hei ugeschwat, mä et gëtt och alt erëm eng Kéier

net beäntwert. Et ass en Text, dee villen verspricht, dee villen undenkt, awer eigentlech néierens déi Äntwerte gëtt, déi ee sech vun engem Gesetzestext erwaart. Et ass e bëssen en onfäerdeggen Usaz.

An den Diskussiounen hate mer och nach eng aner Fro, eng aner Problematik entdeckt, déi eis, oder weinstens mir nach net esou bewosst war, dat ass, datt mer vill jonk Leit hunn an eise Land, déi aus verschiddene Grënn zu engem bestëmmten Abléck net kranken- oder géint Accidenter verséichert sinn, wou elo Dispositionen geholl ginn, fir zum Deel déi Karenz dann opzefëllen, wat u sech eng positiv Saach ass. Mä de Grondproblem muss mer weider kucken (veuillez lire: am A behalen). Mir muss studéieren, ob et hei wierklech e Problem gëtt, dee mer kënnen duerch eng besser Gesetzgebung am Beräich vun der sozialer Sécherheet opfänken, oder ob déi aktuell Dispositionen duerginn. Mir müssen op jidde Fall, well mer hei e Problem an der Diskussioun entdeckt hunn am Beräich vun der sozialer Sécherheet, mengen ech, aus der politescher Verantwortung fir déi Leit eraus weider kucken, ob do Verbesserungen néideg sinn oder net. A wa Verbesserungen néideg sinn, wéi eng mer do wëlle virschloen.

Dat gesot, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ass et fir eis an enger Situatioun, wou een en Text virleien huet, dee vlächtt gutt gemengt ass, awer kengem vun deene legislative Kritäre wirklech entsprécht, déi mer hei entwéckelt hunn, mengen ech, eng relativ einfach Decisioun, fir ze soen, datt mer dat hei net wäerte matdroen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Domadder komme mer nach zur leschter Wuertmeldung, dat ass den Här Educationminister. Här Meisch, Dir hutt dann d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann elo, hei net an d'Metasprooch ze verfallen, verständlech fir jiddwereen ze schwätzen. Ech denken, jiddweree kann novollzéien, datt ech de Virriedner Merci soen, ganz besonnesch dem Rapporteur, dem Claude Lamberty, deen eis ganz flott an explizit an den Dossier de Mëtten hei agefouert huet.

Verstoe kann ech awer net, datt, wann ee virun net emol enger Stonn op dëser Plaz hei stoung a gesot huet, bei der Maison de l'orientation misst den Integrationsprozess eigentlech méi wäit goen, déi eenzel Servicer, déi do elo geografesch regroupéiert sinn a Form vun engem Guichet unique, missten eigentlech komplett integréiert ginn, ënner eng Direktioun, déi eleng weisungsbefuugt ass, gestallt ginn. Da maache mer dat elo mat emol zwee Servicer - vlächtt dann nëmme mat zwee Servicer, mä et ass jo awer emol en Ufank - an da gëtt vun deeneselwechte Leit gesot, dat wier alles net gutt an net richtig. Ech muss soen, ech weess net, ob dat mat Metasprooch ze dinn huet, mä dann hunn ech just vlächtt e Metaverständnis dovunner: Ech konnt dat net novollzéien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Mir wäerten eis hei e wichtegen Akteur ginn, dee fir déi Jonk, virun allem déi Jonk a Schwieregkeete wäert do sinn, eng Stëmm och wäert hu fir se, Kompetenzen, Zoustännegkeeten, Ressourcen, jo och personell Ressourc wäert hu fir se. An et ass eigentlech, denken ech, normal, wann een an engem Ministère gesäit, datt een zwee Servicer huet, déi net déiselwecht Aktivitéiten a Servicer ubidden, mä awer op déiselwecht Problematik probéieren, eng Äntwert ze fannen, fir horgenee, awer wirklech quasi horgenee déiselwecht Zilgrupp schaffen, datt ee sech d'Fro stellt: Wier et net besser, mir leeën dat doten elo emol zesummen?

An ech denken awer, datt e Stat besser a méi rationell ka funktionnéieren, wann en een Akteur huet, dee sech enger an darselwechter Aufgab unhëlt, dee fir eng Zilgrupp schafft, wéi datt een dat dividéiert op e puer Plazen, wou een da mat méi klengen Equippen, mat méi bescheidenen Moyenen, mat sécherlech net där ganz breeder Kompetenz dorobber kann (veuillez lire: muss) eng Äntwert ginn. Ech gesinn hei och eng Opportunitéit duerch d'Zesummesetze vun eise Ministère, wou mer jo Elementer vun der formaler an der non-formaler Bildung hunn, fir do wirklech eppes Flottes, Ganzes a méi Staarkes ze maache wéi d'Zomm vun deenen eenzelne Servicer ALJ an SNJ, déi mer haut hunn.

Dobäi si se an engem gewëssene Mooss och complementaire. D'ALJ, déi sech och staark an der Orientatioun, virun allem vun deene Schüler, déi am Préparatoire waren, déi se an





d’Beruffsausbildung eriwwer wëlle féieren, akti- véiert, déi awer och ganz staark probéiert, d’Schüler, déi aus der Schoul erausgerëscht sinn, ganz schnell erëm zrëckzekréien, an déi dat mat groussem Engagement iwwert déi lescht dräi Jorzéngte gemaach huet. Op där anerer Säit den SNJ, deen awer och zanter zéng Joer Aktivitéiten ubitt, fir Jonker ze akti- véieren, déi, jo, zu deenen „not in employ- ment, education or training“ gehéieren, déi mer jo awer haut de Mëtten och schonn e puermol ugeschwat hunn, deen also ganz kon- kret Servicer och fir e ganz äänleche Public cible ubitt.

Ech denken, datt mer mat deem Zesumme- leeën do wierklech e staarken Akteur hu fir déi ganz Bandbreit vun Aktivitéiten, déi ganz Zil- grupp do, deen och senge Missiounen am Kontext vun enger Garantie pour la jeunesse nokënnt. Ech wëll déi net nach eng Kéier erklä- ren, ech denken, dat kenne mer allegueren hei, den europäesche Projet vun der Jugendga- rantie, fir all Jonkem a ganz kuerzem Delai, deen net an enger Ausbildung, enger Aarbecht oder an der Schoul dran ass, eng ganz konkret Propos ze maachen. Ech denken, datt mer eis hei och do stäerken.

D’Madamm Hetto huet d’Fro gestallt: „Hätt et net kënnen oder missen ëmgedréit sinn?“ Do- riwwer kann ee sécherlech diskutéieren. Ech denken awer, datt déi Aktivitéit, déi den SNJ haut mécht, näämlech de Service volontaire, awer ganz kloer eng Aktivitéit ass, déi en non- formale Charakter huet. An déi dann ze inte- gréieren an eng ALJ, déi momentan, laut Organigramm vun eise Ministère an och am Gesetz esou definéiert, selwer erëm eigentlech nëmmen e Bestanddeel vun der Formation pro- fessionnelle ass, denken ech, hätten awer elo kee Sënn gemaach. Do gesinn ech sécherlech keng Plus-value dran.

An ech denken och, datt et vun Avantage ka sinn, virun allem fir d’Formation profession- nelle, datt e Service wéi d’ALJ net reng an engem Service vum Ministère vun der Forma- tion professionnelle ugesidelt ass. E Service, d’ALJ, dee sech jo awer ëm déi Schüler mat

Schwieregkeete këmmert, déi riskéieren, de Wee net richtig ze fannen an hir weider Ausbil- dung, an da just kuckt, datt mer déi méiglechst gutt an d’Beruffsausbildung kréien. Wëll ech denken, gëschter - ass mer gesot ginn - ass sech hei och vill mat der Beruffsausbildung beschäf- tegt ginn am Kontext vun där Debätt iwwert déi kleng- a mëttelstännesch Entreprises hei zu Lëtzebuerg, datt och aner Leit missten an d’Be- ruffsausbildung goen, datt d’Beruffsausbildung och en anere Stellwäert an en aneren Image brauch an dësem Land. Duerfir solle mer se och net nëmmen an den Eck vun deene setzen, déi Schwierigkeeten an eiser Schoul hunn. Duerfir, denken ech, ass déi Trennung hei och nach emol sënnavoll.

Dat Reglement, no deem d’Madamm Hetto gefrot huet, do schaffe mer nach drun, mä dat wäert sécherlech en temps utile och nach kom- men. An déi Bureau-régionallen, déi jo haut d’ALJ och huet, déi den SNJ och zum Deel huet, wäerte sécherlech och nach emol regroup- péiert ginn am Kontext vun deene regionalen Antenne vum Ministère de l’Éducation natio- nale, de l’Enfance et de la Jeunesse. Mä e wäert seng Visibilitéit behalen, wat ganz kloer ass, datt mer d’Proximitéit do nutzen, datt déi Jonk de Wee dohinner fannen, datt mer dat ausnot- zen, datt mer an der Regioun sinn an déi Jonk och wëssen, wat fir e Service a wat fir eng Hël- lef datt se do fannen.

Hei gesi mer, datt mer zwee Akteure beienee- leeën, wou deen ee ganz no um Lycée drun ass an un der Schoul drun ass an deen anere en Akteur am non-formale Beräich ass an awer och no un de Jugendhaiser drun ass, an datt mer domadder eigentlech eisen Impakt nach emol vill méi verbreedere an op vill méi Jon- ker kënnen agoen an eis och vill méi staark kënnen opstellen, fir den Decrochage ze evi- téieren, fir déi Jonk och direkt kënnen an d’Schoul zrëckzeguidéieren oder fir och Akti- véierungsmoosname kënnen unzëbidden.

Et soll tëschent all deem doten eigentlech keng Lächer ginn, wou ee kann derduerchfalen. Et muss esou sinn, datt do déi Servicer Schëller géint Schëller eigentlech stinn, wou keen

duerchkënnt, ouni datt en eng ganz konkret Propos gemaach kritt huet fir eng weider For- matioun, fir zrëck an d’Schoul oder fir eng aner Moosnam och aus dem non-formale Beräich. Dorëms geet et eis nach emol hei. Et geet drëms, fir Jonken dann, wa se a Schwierigkeete sinn, fréi, schnell an effikass ze hëllefen. Nëm- men da gi mer eise Usproch an der Garantie pour la jeunesse och gerecht. Nëmmen da wäerte mer och eisen Ziler, déi mer eis national an och europäesch gesat hunn, fir den Decro- chage weider ze reduzéieren, kënnen gerecht ginn.

Hei ass et eigentlech eng kleng strukturell Moosnam, sécherlech net déi bedeitendst, net dee gréisste Chantier an dee gréisste Boule- vard, oder Autobunn, déi mer oprappen an der Educatioun. De Premierminister huet virun zwou Wochen hei ugekënnegt, datt mer bei all deene sozioeducativen Aktivitéite beim Stat direkt bis zu 350 Posten iwwert déi nächst Jore wäerte rekrutéieren. Wichtig ass, datt mer déi néideg personell Ressourcen a personell Kom- petenzen hunn, fir de Jonken an deene ganz schwierige Liewenssituatiounen wéi deenen do- ten ze hëllefen. Wichtig ass awer och, datt mer déi richtig Strukturen hunn, wou déi dote Leit kënnen dra schaffen, datt déi Kraaft, déi mer eis do ginn, schnell op den Terrain kënnt, rich- teg op den Terrain kënnt an no bei déi Jonk kënnt. Duerfir ass dëst Gesetz esou enorm wichtig.

Villmools Merci!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci, Här Educationminister. Domadder sinn d’Dis- kussionen ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7079.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 7079 et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen, duerno de Vote par pro- curation.

De Vott ass elo ofgeschloss: De Projet de loi 7079 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 26 Nee- Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall’Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Pol- fer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro- berto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie An- drich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Han- sen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mer- gen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler (par Mme Octavie Mo- dert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun dëser Sëtzung. Déi nächst Sëtzunge si fir den 31. Mee an den 1. Juni virgesinn. Wéi übblech gëtt déi Sessioun da mat de legislativen Aarbechten an de Kommissiounen virbereet.

An domadder ass d’Sëtzung vun haut opgehuewen an Dir sidd entlooss.

**(Fin de la séance publique à 16.15 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Communications
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Ordre du jour
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6875 - Projet de loi sur l’organisation du Conseil d’État et portant modification
  - de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif;
  - de la loi modifiée du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 por- tant réforme du Conseil d’État
  - Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur le projet de loi 6875 et sur la proposition de loi 6821: Mme Simone Beissel
  - Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Eugène Berger (interventions de M. Claude Wiseler, de M. Léon Gloden et de Mme Simone Beissel), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum
  - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi 6875 et dispense du second vote constitutionnel
  - Retrait du rôle de la proposition de loi 6821
- Interpellation de M. Marc Baum au sujet de la pauvreté laborieuse (working poor)
  - Exposé: M. Marc Baum (dépot d’une motion et d’une résolution)
  - Débat: M. Marc Spautz, M. Georges Engel, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, Mme Taina Bofferding
  - Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Écono- mie sociale et solidaire
  - Parole après ministre: M. Marc Baum, M. le Ministre Nicolas Schmit
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - Vote sur la résolution 1 (rejetée)

- 7104 - Projet de loi portant modification
  - de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l’enseignement fondamen- tal;
  - de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fonda- mental;
  - de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d’un Service de coordination de la recherche et de l’innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d’un «Centre de gestion informatique de l’éducation»; c) l’institution d’un Conseil scientifique;
  - de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de no- mination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les adminis- trations et services de l’État;
  - de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d’orientation scolaires (CPOS);
  - de la loi du 6 février 2009 relative à l’obligation scolaire;
  - de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État;
  - de la loi du 30 juillet 2015 portant création d’un Institut de formation de l’éducation nationale
    - Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles
    - Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépot d’une motion) (interventions de M. le Ministre Claude Meisch), M. Claude Lamberty (Mme Martine Hansen pose des questions), Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (dépot d’une motion), M. David Wagner
    - Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse (M. Fernand Kartheiser pose une question)
    - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
    - Vote sur la motion 1 (adoptée)
    - Vote sur la motion 2 (rejetée)
- Ordre du jour
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Nicolas Schmit, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.03 heures)**